

# MAG

GEMENG
JONGLËNSTER

Februar 2021

## GEMENG JONGLËNSTER

Infoline
Tél.: 78 72 72-1

Heures d'ouverture
lundi à vendredi de 08h00-12h00
et de 13h00-16h30,
jeudi jusqu'à 19h00
(sauf la veille d'un jour férié)
seulement bureau de la population

Adresse
12, Rue de Bourglinster
L-6112 Junglinster
Adresse postale
B.P. 14
L-6101 Junglinster


## Impressum

Editeur: Gemeng Jonglënster
Imprimerie: Schomer-Turpel
Tirage: 3300 exemplaires
www.junglinster.lu

# Februar 2021

| | |
|---|---|
| Mercredi 3 | Jeudi 11 |
| **Bicherverkaf zu Eschweiler 17:00 - 19:00** | **Bicherbus 15:15 - 16:05** |
| Samedi 6 | Mercredi 17 |
| **Jardinage Equigaart 2021 09:00 - 11:00** | **Bicherverkaf zu Eschweiler 17:00 - 19:00** |
| Dimanche 7 | Dimanche 21 |
| **Kannerfuesbal 14:00 - 18:00** | **Buergbrënnen zu Jonglënster 19:00** |
| Mercredi 10 | Mardi 23 |
| **Bicherverkaf zu Eschweiler 17:00 - 19:00** | **Stëllgrupp 09:00 - 11:00** |
| | Mercredi 24 |
| | **Bicherverkaf zu Eschweiler 17:00 - 19:00** |

**Les manifestations ci-dessus et annoncées sur les 2 pages suivantes sont dépendantes des décisions ministérielles relatives au Covid-19.**

## Jugendhaus Jonglënster: Virstellung vum Infolabel



## Bicherverkaf zu Eschweiler

**03/02** 17:00 - 19:00



Bicherbuttek zu Eschweiler

Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxemburgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia

## Jardinage Equigaart 2021

**06/02** 09:00 - 11:00

Jardin ou Téléconférence

Réunion pour l'organisation de la saison de jardinage 2021 et Assemblée générale. Informations: www.equigaart.lu

Org: Equigaart Asbl

## Kannerfuesbal

**07/02** 14:00 - 18:00



Junglinster, Centre polyvalent Gaston Stein

Wëllkomm op eisem traditionellen Kannerfuesbal.

Org: Fitness Club Jonglënster

## Bicherverkaf zu Eschweiler

**10/02** 17:00 - 19:00



Bicherbuttek zu Eschweiler

Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxemburgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia

## Bicherbus

**11/02** 15:15 - 16:05



Lënster virum Centre Culturel 'am Duerf'

Org: Nationalbibliothéik, Bicherbus

## Bicherverkaf zu Eschweiler

**17/02** 17:00 - 19:00



Bicherbuttek zu Eschweiler

Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxemburgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia



Le contenu des annonces de cette page n'est pas sous la responsabilité de l'Administration Communale de Junglinster, mais sous la seule responsabilité des auteurs respectifs.

## Buergbrënnen zu Jonglënster

**21/02** 19:00




beim Heedhaff um Lënster Bierg

D'Buergbrenne fënnt statt wann et erlaabt ass, méi Informatioune fannt dir ob eiser Facebook Säit: LGS St. Martin Jonglënster

Org: LGS St. Martin Jonglënster

## Stëllgrupp

**23/02** 09:00 - 11:00



Centre culturel 'Am Duerf'

Informatiounen an Austausch rondrem d'Stëllen. Gratis fir d'Memberen, 5€ fir Net-Memberen
Umeldung:

Org: La Leche League

## Bicherverkaf zu Eschweiler

**24/02** 17:00 - 19:00



Bicherbuttek zu Eschweiler

Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxembourgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Org: Lënster Bicherclub Luxemburgensia

*Centre culturel « am Duerf »*
*8, rue du village*
*L-6140 Junglinster*

*Öffnungszeiten / Heures d'ouverture:*

Dienstag / mardi: 16.00 – 18.00
Samstag / samedi: 10.00 – 12.00

Livres pour adultes et enfants en allemand, français, anglais, suédois, luxembourgeois

*Contact:*

Tél.: 78 99 08 mpancion@hotmail.com

## Office social du C E N T R E S T

10, rue de Wormeldange à L-6955 Rodenbourg
tél.: 770345-1 / fax: 770345-45

Consultations des assistants sociaux
sur rendez-vous: tél. 770 345-1

à l'Office social du Centrest à Rodenbourg

ou

à l'ancienne mairie de Junglinster,
2, route d'Echternach, Junglinster

Pour plus d'information, veuillez consulter notre site internet : www.centrest.lu

## Service de Médiation

Le Service de Médiation pourra aider à rétablir la communication entre des voisins qui se sentent dans une impasse par rapport à un différend et aider à trouver une solution à l'amiable qui donne satisfaction à tout le monde.

Die Dienststelle für Mediation kann dazu beitragen, dass Nachbarn welche einen Konflikt miteinander haben, sich gemeinsam an einen Tisch setzen und zusammen eine Lösung finden die jeden zufrieden stellt.

Friedliche Lösung von Konflikten
Résolution de conflits à l'amiable
Tél: 621 40 56 18 (répondeur pour prendre rv)
Courriel: mediation@junglinster.lu

SERVICE DE MEDIATION


Le contenu des annonces de cette page n'est pas sous la responsabilité de l'Administration Communale de Junglinster, mais sous la seule responsabilité des auteurs respectifs.

# Bon d'achat

Le conseil communal a décidé dans sa séance du 18 décembre 2020 de prolonger le délai de validité du bon d’achat, distribué aux habitants de la commune de Junglinster dans le cadre du Covid-19, jusqu’au 28 février 2021.

Les commerçants et artisans implantés sur le territoire de la commune de Junglinster ont aussi été informés de ce fait.

---

Der Gemeinderat hat in seiner Sitzung vom 18. Dezember 2020 beschlossen, die Gültigkeitsdauer des Einkaufsgutscheins, welcher an die Einwohner der Gemeinde Junglinster im Rahmen der Covid-19 Pandemie ausgegeben wurde, bis zum 28. Februar 2021 zu verlängern.

Die Geschäftsleute und Handwerker aus der Gemeinde Junglinster wurden auch schon darüber in Kenntnis gesetzt.




#kaaftlokal

# Police Lëtzebuerg

## EINBRUCHSPRÄVENTION KELLER UND GEMEINSCHAFTSGARAGEN

POLICE LËTZEBUERG

**Seit einigen Monaten stellt die Polizei eine starke Zunahme an Einbrüchen in Kellerräumen und Gemeinschaftsgaragen fest.**

## BEUGEN SIE VOR!

**113 NOTRUF**



- Öffnen Sie auf Klingeln nicht bedenkenlos die Eingangstür;
- Sperren Sie den Zugang zum privaten Keller und den Garagen immer ab;
- Bewahren Sie keine wertvollen Gegenstände im Keller und in den Garagen auf;
- Sichern Sie Fahrräder zusätzlich ab;
- Achten Sie auf hausfremde Personen und sprechen Sie diese an;
- Melden Sie verdächtige Beobachtungen umgehend der Polizei.

Weitere Informationen und Ratschläge erhalten Sie gratis bei der Beratungsstelle der Polizei:

**Service national de prévention de la criminalité**

(+352) 244 24 4033
prevention@police.etat.lu
www.police.lu

Cité Policière Grand-Duc Henri
1 A-F, rue de Trèves
L-2632 Luxembourg

ZESUMME FIR IECH

# En 2021,
# je cultive mes légumes bio moi-même !




Vous avez envie de faire du jardinage ? Une parcelle de 25 ou 50 m2 dans le jardin communautaire du Equigaart vous intéresse ?
Rejoignez notre réunion le samedi 6 février à 9h pour l'organisation de la saison de jardinage 2021.

Do you feel like gardening? Are you interested in a 25 or 50 m2 plot in the Equigaart community garden?
Join our meeting on Saturday 6 February at 9am for the organisation of the 2021 gardening season.

Haben Sie Lust auf Gemüseanbau? Haben Sie Interesse an einer 25 oder 50 m2 großen Parzelle im Equigaart Gemeinschaftsgarten?
Kommen Sie zu unserem Treffen am Samstag, den 6. Februar um 9 Uhr zur Organisation der Gartensaison 2021.

Contact : info @equigaart.lu.
Informations : www.equigaart.lu

# Entreprisen aus der Gemeng

**Wie si mir?**

Letzgrow ass e klenge Buttek, dee frësch Uebst a Geméis aus eisen eegene Gaart an Serre (zu Jonglënster, Gonnereng a Walfer) ubidd, souwéi eng Rëtsch u soss produzéierte Wueren, entweder lokal oder vu méi wäit ewech. Soss kann een och aner lokal artisanal Produkter bei ons fannen ewéi zb. verschidden Zorten Hunneg, Beier etc.

**Wou si mer?**

12, route d'Echternach Jonglënster

**Ëffnungszäiten:**

Dënschdes-Freides 11.00-18.00 Auer

Samschdeg: 10.00-17.00 Auer

Sonndeg / Méindeg: Zou

Bei Froen mellt iech op **letzgrow2020@gmail.com,** per **www.letzgrow.lu** oder fannt eis op Facebook (Letzgrow Friends Group)

# Eltereschoul J. Korczak



**Eltereschoul J. Korczak**
**Tél. 59 59 59 59**
**mail: elterechoul@kannerschlass.lu**




*„Eng Bréck bauen tëchent der Famill an der Schoul" (Eltereschoul J. Korczak, 2020)*

Dans le cadre de sa campagne



## Eltereschoul-Doheem

l'Ecole des Parents propose une suite d'activités online:

Lundi, le 01 février 2021 à 18 :00
**De Burn-out parental verstoen (LU)**
Op dësem Owend kritt een en Abléck wéi eng Erausfuerderung et ass, haut Elteren ze sinn. Wat ass Burn-out a speziell Burn-out parental? Wéi kënnt de Burn-out zustan a wat kann ee maachen fir en ze prevenéieren oder rëm eraus ze kommen? Wat si Konsequenze vun engem Burn-out parental ? Dësen Owend riicht sech u jiddereen, deen un deem Thema interesséiert ass.

Samedi, le 06 février 2021 à 10 :00
**Wann d'Emotiounen iwwerkachen (LU)**
Wann eisem Kand seng Emotiounen iwwerkachen, wësse mir oft net direkt wéi mir reagéiere kënnen. Wa gutt zourieden näischt méi bréngt, musse mir aner Moyenen fanne fir mat eisem Kand erëm zur Rou ze kommen. Heiansdo gi mir souguer vun de staarke Gefiller matgerappt a musse fir d'éischt eis eegen Emotiounen erëm an den Grëff kréien, ier mir dem Kand hëllefe kënnen. Dir kritt hei e puer konkret Iddien, wéi et gelénge kann, bei staarke Gefiller "Damp ofzeloossen".

Mercredi, le 24 février 2021 à 18 :00
**Parle avec moi ! - le développement du langage (FR)**
Comment le langage se développe-t-il chez un enfant? Que peut-on faire en tant que parent pour soutenir son enfant? Comment réagir si l'enfant a des problèmes au niveau du langage? Cette intervention va vous donner un petit aperçu théorique ainsi que la possibilité de partager vos vues et expériences. Ce thème s'adresse aux parents des enfants jusqu'au Cycle 1.2.

Lundi, le 01 mars 2021 à 18 :00
**Äddi Wëndel!: Wéi kann ech mäi Kand beim Propper ginn ënnerstëtzen? (LU)**
Propper ginn ass e wichtegen Entwécklungsschrëtt fir Kanner. All Eltere wënschen sech hiert Kand a seng Entwécklung ze verstoen a wëllen hiert Kand bei dësem wichtege Schrëtt begleeden. Mee dat ass awer net ëmmer esou einfach. Mir kucken eis déi wichtegst Entwécklungsetappe beim Propper ginn un an kucke wéi ee säi Kand an dësem Prozess ënnerstëtze kann, ouni Drock ze maachen.

www.kannerschlass.lu

# Eltereschoul J. Korczak

**Eltereschoul J. Korczak**
**Tél. 59 59 59 59**
**mail: elterechoul@kannerschlass.lu**

*« Construire un lien fort et une relation de confiance avec son enfant ainsi qu'adopter une attitude bienveillante et des méthodes éducatives positives constituent les piliers importants dans la prévention des punitions corporelles » (Eltereschoul J. Korczak, 2020)*

Dans le cadre de la campagne

## Stop aux punitions corporelles

l'Ecole des Parents avec le soutien du Service des Droits de l'Enfant (MENJE) propose une suite d'activités online aux parents :

Mercredi, le 03 février 2021 à 18 :00
**La communication avec les tout-petits (FR)**
La communication est essentielle dans une relation; si elle peut parfois mener à des malentendus et conflits, elle peut aboutir également à une grande joie. Quels sont les clés pour une communication bienveillante ? Quels est l'importance des mots dans une phrase? Quels messages non-verbaux donnons-nous? Comment communiquer de façon efficace? Lors cette soirée, nous allons aborder la communication sous divers aspects et essayer de comprendre comment en tirer avantage.

Lundi, le 08 février 2021 à 18 :00
**Et get een net als Eltere gebuer … (LU)**
Cours fir werdend Elteren an Eltere vun klenge Bëbéeën
Wärend der Schwangerschaft muss een sech och lues op d'Abenteuer Eltereschaft preparéieren. Lo ass den ideale Moment fir iwwert d'Erzéiung an och d'Wäerter, déi een dem Kand gär matgi wëllt, nozedenken. Well mat der Gebuert vum Kand an deemno dem Ufank vun der Eltereschaft vill Froen an Emotioune verbonne sinn, wëll d'Eltereschoul J. Korczak den neien Elteren net nëmmen theoreteschen Inhalt weiderginn, mee hinnen och d'Méiglechkeet bidden sech am Grupp auszetauschen.

Lundi, le 22 février 2021 à 18 :00
**Parents et enfants – une équipe d'enfer (LU)**
Comment se construit une relation solide et de confiance entre parents et enfants ? Et oui, la parentalité est loin d'être « un long fleuve tranquille »! Les conflits sont inévitables, mais peuvent être gérés en famille dans un respect mutuel. Dans ce sens, nous vous proposons quelques outils de la parentalité positive et bienveillante pour accompagner votre enfant à devenir un jeune responsable, respectueux et confiant en ses compétences.

Tous ces cours sont gratuits.
Toutes les inscriptions se font par email à: eltereschoul@kannerschlass.lu
Vous serez informés sur les modalités de participation.

www.kannerschlass.lu

# Kënschtler an Artisten aus der Gemeng

**SANDY BOTSCH**



Eng frësch, liewensfrou, positiv jonk Fra mécht mir d'Dir op: Sandy Botsch, 1978 gebuer, bestuet a Mamm vun den Drillingen Kelly, Laura a Marie, a mat Leif a Séil Sängerin.

D'Sandy Botsch ass beschtbekannt, hei zu Lëtzebuerg, mee och op der internationaler Bün: op et Collaboratiounen mam Aender Hirtt, Erny Delosch, der Douane's Musek, dem Rol Girres, de Singers Unlimited, den Dompiraten oder Käpt'n Aender a K1000 sinn, d'Sandy dierf mat Recht op eng bis dato immens gelongen musikalesch Carrière zréckkucken, an zwar esou wuel op nationalem wéi och internationalem Niveau.

Sangen mécht si säit si denke kann. Wéi d'Sandy zu Käerch bei d'Michelle Roettgers an d'Spillschoul gaangen ass (dat selwecht Michelle hat iwwregens spéider dem Sandy seng Kanner am Précoce zu Gonneréng), huet si sech net gescheit der Joffer virzesangen.
Mat 12, 13 Joer hat si hir éischt Optrëtter, fir Hochzäiten, wou si sech e kléngt Täschegeld konnt verdéngen.
Mat 15 Joer war si fir Baler present op der Bün mat engem kléngen Orchester, begleet vun hiren Elteren, an schonn deemools huet di häerzlech jonk Fra et fäerdeg bruecht d'Leit matzeräissen an ze animéieren.

Iwwerhaapt ass dat eppes wat d'Sandy fir hiert Liewe gären mécht: Leit begeeschteren, frou maachen mat der Musek, se matabannen; a ganz besonnesch bei eeleren Leit spiert si wéi vill Musek de Public beréiert.
Den Drot zu dem Public fannen ass fir d'Sandy den A an den O.

Haut ass d'Sandy net mi ewechzedenken bei musikaleschen Eventer a Fiestaen wéi d'Welleschter Kiermes, am Stall op der Fouer, Al Dikrech, d'RTL's Fuesfiesta, de Clochards Bal, de Päischt- a Summercroisièren oder zu Baiersbronn fir Nationalfeierdag an der Traube Tonbach.
Leider spillt d'Coronazäit hir net an d'Kaarten, zumindest mol net 2020, well do eng ganz Partei Eventer ofgesot gi waren.

D'Léift zur Musek krut si quasi an d'Wéi geluecht vun hiren Elteren. Hir natierlech kloer Stëmm ass och ëmmer natierlech bliwwen, si gouf net ausgebilt. A fir dass d'Stëmm schéi bleift hei e puer Tipps vun der Expertin: waarmt Salzwaasser guergelen, Téi drénken, den Hals waarm halen, besonnesch de Keelkapp, d'Stëmm schounen virun den Optrëtter a genuch schlofen.




D'Sandy Botsch huet eng Solo-CD mam Numm „Schenk mir Zäit" erausbruecht, a bei 8 aneren CD Produktiounen matgeschafft, wou och solo Lidder vun hir drop sinn.

Si huet och als Synchronspriecherin fir Linster Studios an diverse Produktiounen matgeschafft.
Wann d'Sandy Botsch zréckkuckt ob memorabel Momenter am Ausland, dann dierf natierlech hiren Optrëtt am Weissen Rössl um

# Kënschtler an Artisten aus der Gemeng

Wolfgangsee net feelen, grad wéi d'Ablenden vun hirem Lidd „Frou mat dir" am Kader vun „Bauer sucht Frau" op RTL, wou de Bauer Guy sech fir d'Victoria entscheet huet. Milliounen Spectateuren hunn dat suivéiert, an domadder d'Sandy an hiert Talent kennegeléiert.



Iwwregens war de « Frou mat dir » hire gréisste Succès. De Video vum Lidd ass op You Tube bis haut bal 87000 mol gekuckt ginn.

Wat war awer fir d'Sandy dee Moment, deen si selwer am meeschten touchéiert huet?
Ma dat war wéi si fir d'Lännermatcher L-Fr a L-Portugal am Stade Josy Barthel virun dausenden vu Spectateuren an Milliounen Telespectateuren d'Nationalhymnen vun den 3 Länner a cappela gesongen huet.



Wéi mécht een dat?
Wéi kennt een bei esou engem héichemotionale Moment derduerch ouni am Text hänken ze bleiwen (besonnesch dee portugiseschen dierft do en Challenge gewiescht sinn)?
Abee: réng Konzentratioun, seet d'Sandy, top virbereet sinn, an einfach keen Trac hunn.
Des Momenter sou ganz no bei engem Griessmann, an engem Rinaldo ze stoen, an deen onmoossegen Opwand mat security live matzëerliewen a selwer en Deel vun deem Ganzen ze sinn, dat war schonn eppes.

Am Moment ass d'Sandy am gaangen nei Lidder an de Programm opzehuelen.
Ah jo: wéi mécht een dat fir nei Texter gutt ze verhalen?
Ma ganz einfach, ëmmer an ëmmer erëm lauschteren, bis dat a Fleesch a Blutt iwwer geet.



Vun hiren 3 Meedercher ass et d'Kelly wat d'Bünepresenz vun der Mama schéngt geierft ze hunn, well dax ginn d'Elteren doheem mat engem klengen Theaterstéck, wou d'Schwësteren an d'Petzien och Rollen zougedroen kréien, verwinnt.

A wéi seet d'Sandy:
Musek ass Medezin fir d'Séil, si hëlt een aus dem Lach eraus wann et engem net esou gutt geet, an dréit een op hire Flilleken wann ee gutt drop ass.
Musek ass fir all Stëmmungslag ze gebrauchen.
A ween gären séngt, deen ass jo am allgemengen ee positive Mënsch, wouhier kéim soss dee flotte Sproch: Wo man singt da lass dich nieder, böse Menschen haben keine Lieder.

Interessant ass och dem Sandy seng Internetsäit www.sandybotsch.lu.
E kann een si iwwert Facebook https://www.facebook.com/sandy.botsch, Internet oder per Email op sandy.botsch@pt.lu kontaktéieren.

Merci Sandy
An toi toi toi fir d'Zukunft.

Françoise Hetto-Gaasch
Kulturschäffen

# Café des langues

Mir potere mat Iech, de
**25. Februar 2021 um 19 Auer** iwwer «Zoom».
Mellt Iech per Mail bis den 19. Februar un a sot eis, op wéi enger Sprooch Dir wëllt matschwätzen. Den Dag selwer kritt Dir e Link gemailt, deen Dir just braucht unzeklicken. Ganz einfach a flott!

---

Nous vous invitons à bavarder avec nous le
**25 février 2021 à 19h00** via l'application « Zoom ».
Inscrivez-vous par email jusqu'au 19 février et indiquez-nous la langue dans laquelle vous souhaitez converser. Le jour même nous vous enverrons un lien sur lequel il suffira de cliquer. Rien de plus simple !

---

Why not come and have a chat with us on
**February 25th 2021 at 19:00** using the Zoom application.
Please register by mail before February 19th and let us know which language you would like to speak. You will then receive the link to the virtual language café on February 25th - a simple click to join the group, it really could not be any easier!

*Info an Aschreiwung / Infos et inscription:*
fabienne.pirsch@junglinster.lu

***Lëtzebuergesch, Deutsch, Français, English, Italiano, Español***

*Org.: Commission de l'Intégration*


# Déchets & recyclage

| FEVRIER: DÉCHETS MÉNAGERS |
|---|
| Mardi 2 |
| Mardi 9 |
| Mardi 16 |
| Mardi 23 |

| FEVRIER: POUBELLE BIO |
|---|
| Jeudi 11 |
| Jeudi 25 |

| FEVRIER: VALORLUX |
|---|
| Vendredi 5 |
| Vendredi 19 |

| FEVRIER: PAPIER + VERRE |
|---|
| Lundi 1 |
| Lundi 15 |



**RECYCLINGZENTER JONGLËNSTER**

Öffnungszeiten vom Recyclingcenter
Heures d'ouverture du centre de recyclage

| | |
|---|---|
| Montag/lundi: | geschlossen/fermé |
| **Dienstag/mardi:** | **07h00-13h00** |
| **Mittwoch/mercredi:** | **12h30-18h30** |
| **Donnerstag/jeudi:** | **12h30-18h30** ***(Winterzeit/heure d'hiver)*** |
| | **13h30-19h30** ***(Sommerzeit/heure d'été)*** |
| **Freitag/vendredi:** | **12h30-18h30** |
| **Samstag/samedi:** | **09h00-17h00** |
| Sonntag/dimanche: | geschlossen/fermé |

Adresse:
Beim Rossbur
L-6114 Junglinster
Tel.: 26 78 32-1
Fax: 26 78 32-22
info@rcjunglinster.lu

RECYCLINGCENTER JONGLËNSTER

GEMENG
JONGLËNSTER